



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

wäert gesinn. Mir schrauwen insgesamt d’Geld erop, mir investéieren haut méi an d’Waasser a mir kucken, dat awer méiglechst cibléiert ze maachen. Dat ass eng Fro och vu Responsabilitéit vis-à-vis vun eis a vis-à-vis vun zukünftege Generatiounen!

Ech mengen, elo iwwersprangen ech hei en Deel. Voilà! Ech gesinn, dass hei scho Leit waarden. Da wëll ech elo zum Schluss kommen.

Ech wëll als Éischt menge Leit Merci soen, déi net nëmmen, wann et brenzleg gëtt an am Katastrophefall sech wierklech vill asetzen. Ech hunn eng immens engagéiert Verwaltung, déi esou munch kleng Katastrophe verhënnert. Dovunner kréie mer jo dobaussen ni eppes mat.

Ech wëll och menge Leit am Ministère Merci soen, déi eis hëllefen, déi politesch Entscheedunge responsabel weiderzedreiwen, an dann awer och de Syndikater an net zulescht wierklech de Gemengen an der Landwirtschaft.

Ech mierken, dass mer an deene leschten zwee Joer zesummen eng immens positiv Dynamik spieren um Terrain. Wa mer mat de Leit schwätzen, gesi mer, dass d’Bewosstsinn wäisst. D’Drénkwaasser ass en Thema, soll en Thema bleiwen. Dofir wäert ech mech asetzen. An ech wäert mech och asetzen, dass mer méi Partnerschafte kréiere kënnen, fir méi Leit mat an d’Boot ze kréien a méi ëmzesetzen.

Wichtig ass et, dass mer an naturno Solutiounen investéieren, a gréng Solutiounen, déi Win-win-Situatiounen sinn, déi manner kaschten, zum Beispill wéi d’Renaturéierungen, déi méi nohalteg sinn, déi och eppes fir de wierklech gudden Zoustand vun eise Gewässer maachen, déi awer virun allem och eppes fir eis maachen, an zwar den Héichwaasserschutz.

An ech hoffen, dass mer op déi partnerschaftlech Aart a Weis zesumme weiderkommen. Ech setze mech op jidde Fall dofir an an ech wëll lech all fir dese Mëtteg e ganz grouse Merci soen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dann och der Madamm Minister. Ech mengen, mir soen dann de Leit dobaussen och alleguer Merci, déi eis nogelauschtert hunn.

(**Hilarité**)

Motion 1

A mir géifen dann zu der Ofstëmmung iwwert d’Motioun kommen.

(**Brouhaha**)

Ech mengen, et ass jo alles zu der Motioun gesot?

(**Assentiment**)

Vote sur la motion 1

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d’Motioun iwwergoen.

An ech lancéieren d’Ofstëmmung. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen. Non: 32; Oui: 25; Abstentions: 3.

Da géif ech zu eise nächste Projet de loi iwwergoen, dem Projet de loi 6893 iwwert d’Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen. D’Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här André Bauler.

8. 6893 - Projet de loi

1. relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles;

2. portant création d’un registre des titres professionnels et d’un registre des titres de formation;

3. modifiant

a) la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l’exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire,

b) la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d’autorisation d’exercer la profession de pharmacien,

c) la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l’exercice et la revalorisation de certaines professions de santé,

d) la loi modifiée du 11 janvier 1995 portant réorganisation des écoles publiques et privées d’infirmiers et d’infirmières et réglementant la collaboration entre le ministère de l’Éducation nationale et le ministère de la Santé,

e) la loi du 2 septembre 2011 réglementant l’accès aux professions d’artisan, de commerçant, d’industriel ainsi qu’à certaines professions libérales,

f) la loi du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute

Rapport de la Commission de l’Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l’Espace

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Projet de loi 6893, deen den 19. Oktober 2015 déposéiert gouf, setze mer d’Direktiv 2013/55 vum 20. November 2013 an eist nationaalt Recht ëm. Et geet heibäi ëm d’Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen am Kader vum Zougang zu reglementéierte Beruffer. Dëst ass eng wichteg Viraussetzung, fir datt d’EU-Bierger net nëmmen an aner EU-Länner schaffe kënnen goen, mä datt hir professionell Qualifikatiounen och do unerkannt an domat valoriséiert kënnen ginn.

No der Direktiv vun 2005 wäert och dës Direktiv derzou bäidroen, déi administrativ Prozedur ronderëm d’Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen an den EU-Memberstaaten ze vereinfachen an doduerch lues, awer sécher ze harmoniséieren. Dëst wäert derzou bäidroen, eise Bannemaart ze stäerken, andeems d’Länner op méi spezialiséiert Personal kënnen zréckgräifen, dat dann och gewëllt ass, de Schrëtt an d’Ausland ze woen, wa seng berufflech Qualifikatiounen do geschat an unerkannt ginn.

Wéi geschitt dat konkret? Schonn d’Direktiv vun 2005 huet eng Rëtsch Mesurë virgesinn, fir d’Unerkennung vun deenen ënnerschiddleche beruffleche Qualifikatiounen ze vereinfachen an d’Vertraue vun de Länner an déi auslännesch Qualifikatiounen ze stäerken. Dëse Prozess gëtt duerch dës Direktiv weidergedriwwen. Esou gesäit d’Direktiv zum Beispill vir, datt d’Sagen, déi am Kader vun enger Berufsausbildung gemaach goufen, an engem aneren EU-Land unerkannt musse ginn, soulaang d’Regele vun dem Pays d’origine respektéiert goufen. Och soll de System vun de sougenannten ECTS-Punkten, déi ee jo virun allem am Héichschulberäich begéint, an Zukunft och an der Formation zu engem reglementéierte Beruff benotzt kënnen ginn, fir eppes iwwert d’Dauer an d’Qualitéit vun der Formation auszesoen.

D’Méiglechkeet soll och geschafft ginn, en Zougang zu reglementéierte Beruffer ze erlaben, och wann dee Beruff am Hierkonftsland

net reglementéiert ass. Viraussetzung ass allerdéngs, datt ee bannent deene leschten zéng Joer op d’mannst ee Joer an deem Beruff geschafft huet.

Et kënn och heiansdo vir, datt sech d’Beruffsbild vu Land zu Land ënnerscheet. An Zukunft muss een engem op d’mannst e limitéierten Accès zu enger berufflecher Aktivitéit ginn, och wann d’Beruffsbild an engem Pays d’accueil méi breet gefächert ass. D’Ausnam maachen allerdéngs d’Beruffer aus dem Gesondheetssektor. Do kann een den Accès refuséieren.

D’Direktiv bréngt och weider Prezisiounen, wat déi noutwendeg Kontroll vum sproochleche Wëssen ubelaangt. Dës limitéiert sech nämlech an Zukunft op nëmmen eng offiziell oder administrativ Sprooch vum Pays d’accueil. Nom Principe de proportionnalité muss dës och rasonabel an dem Beruff ugepasst sinn.

Eng weider Innovatioun ass d’Méiglechkeet, eng sougenannt „carte professionnelle européenne“ anzeféieren, déi eng temporär méiglech Mobilitéit vun de Bierger soll erliichteren a virun allem d’Prozedur ronderëm d’Unerkennung vun Titele vereinfachen a soumat den europäesche Prinzip vun der fräier Zirkulatioun vun de Persounen stäerke soll.

Zesumme mam Système d’information du marché intérieur, kuerz IMI, sollen d’Synergien an d’Vertrauen ënnert de verschiddenen Autoritéite weider gestärkt ginn an double Emploi verhënnert ginn. Fir d’Leit besser ze informéieren, ginn och d’Points de contact nationaux, esou wéi se an der Direktiv vun 2005 virgesi waren, duerch Centres d’assistance ersat. Hir Roll besteet doranner, d’Bierger iwwert déi verschidde Méiglechkeeten opzeklären an hinne esou déi administrativ Prozedur ze erliichteren.

Et gëtt och e Mécanisme d’alerte agefouert, deen den Informatiouns Austausch ënnert de verschiddenen Autoritéite soll fërderen. An Zukunft sollen d’Autoritéiten nämlech net nëmmen op Ufroen aus dem Ausland äntwerten, mä och d’Méiglechkeet kréien, den auslänneschen Autoritéiten ze soen, wéi eng schwaarz Schof net méi dierfen hire Beruff ausüben. Ee Mécanisme d’alerte spécifique betrëfft souwuel Professioneller am Gesondheetsberäich wéi och d’Veterinären an d’Leit, déi mat Mannerjärege schaffen. Dëse Mechanismus betrëfft allerdéngs just Beruffer, zu deenen den Zougang reglementéiert ass. Dat wäert zu enger wesentlecher Verbesserung vum Konsumenten- a Patienteschutz bäidroen a weider d’Vertrauen ënnert de Länner stäerken.

Här President, souvill zur Direktiv. Elo kommen ech dann zur Ëmsetzung.

Wéi Der gesitt, bréngt dës Direktiv par rapport zu där leschter eng Rei Verbesserunge mat sech. D’Regierung huet och dofir entscheet, no beim Text vun der Direktiv ze bleiven an deen esou trei wéi méiglech ze iwwerhuelen. Allerdéngs gesäit dës Gesetzesprojet net nëmme vir, d’Direktiv ëmzesetzen, och gëtt dovunner profitéiert, fir eise gesetzleche Kader op verschiddene Punkten nozebesseren an ze preziséieren.

De Gesetzesprojet gesäit och an deem Kontext d’Schafe vun engem Registre des titres professionnels an engem Registre des titres de formation vir. D’Donnéeën aus dem Registre des titres professionnels sollen och am Kader vun der Emissioun vun der Carte professionnelle européenne kënnen gebraucht ginn. D’Aschreiwunge wäerten iwwert déi zoustänneg Autoritéite vum reglementéierte Beruff lafen. An de Registre des titres de formation kommen nieft den nationalen Diplomer och auslännesch Diplomer, soulaang si als gläichwäerteg zu deenen nationalen ugesi ginn.

Ech wëllt och drop hiweisen, datt dës Prozedur am Sënn vun der administrativer Vereinfachung an Zukunft net méi iwwert d’Commission des titres de l’enseignement supérieur leeft.

Fir verschidden Diplomer gesäit dës Gesetzesprojet dann och eng Dispens vun der Homologatiounsprozedur vir. Am Sënn vun der administrativer Vereinfachung a fir alle juristeschen Onsécherheeten aus dem Wee ze goen, wäert och d’Unerkennungsprozedur fir verschidden Diplomer a Graden aus Drëttlänner opgoen. Ech wëll awer direkt drop hiweisen, datt dat net wäert fir all Qualifikatiounen gëllen. Dës Ausdehnung wäert awer derfir suergen, datt Leit, déi vu méi wäit kommen an do hir berufflech Formation gemaach hunn, sech duerch eng Aarbecht méi séier kënnen an eis Gesellschaft integréieren.

De Gesetzesprojet wäert och derfir suergen, d’Prozeduren duerch eng besser Formulatioun zousätzlech ze harmoniséieren. Standardiséiert Formulairë sollen hiren Deel derzou bäidroen, déi ënnerschiddlech Texter méi kohärent ze formuléieren an doduerch d’Liesen an d’Verständnis vun den Texter ze erliichteren.

Här President, a sengem Avis vum 7. Juni 2016 huet de Statsrot fënnf formell Oppositionen zréckbehalen, déi duerch en Avis complémentaire vum 15. Juli erëm opgehewe goufen. Fir den Detail wëllt ech gären op de Commentaire des articles verweisen. A sengem zweeten Avis complémentaire iwwert déi parlamentaresch Amendementer hat de Statsrot keng juristesche Bedenke geäussert.

Dëse Gesetzesprojet bréngt also Verännerunge mat sech, déi den Zougang zu ville Beruffsparten ugin. Et verwonnert een dofir net, datt nieft de Beruffskummeren och vill aner Beruffvertrieder hiren Avis zu dësem Projet ginn hunn. Et waren dëst, fir se ze nennen, de Collège médical, de Collège vétérinaire, den Ordre des architectes et ingénieurs-conseils, de Conseil supérieur de certaines professions de santé, d’Chambre des Notaires, d’Association nationale des infirmiers et infirmières an d’Commission nationale pour la protection des données. Ech wëll hinnen heimat Merci soen. Et gouf jo och duerch verschidde parlamentaresch Amendementer hire Bemerkungen oder Observatiounen Rechnung gedroen.

Fir d’Detailer zu den ënnerschiddlechen Artikelen géif ech awer gären hei op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Bedanke wëll ech mech och bei menge Kolleegen aus der Kommission, besonnesch der Präsidentin an de Beamten, déi eis wäertvoll Prezisiounen ginn hunn. Och der Madamm Merges an den Här Lamesch a Kasel e grouse Merci bei der Redaktioun vun dësem komplizéierten, well dach awer ganz technesche Rapport.

Ech soen lech Merci fir d’Nolauschteren a ginn dann och heimat d’Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Dann hunn ech den Här Wilmes op der Riednerlëscht stoen.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem André Bauler, fir dee ganz klaren a komplette Rapport iwwer e ganz technesche Gesetzesprojet, e Gesetzesprojet, deen awer e ganz wichtege ass, well en u sech e Beweis ass a Krisenzäiten, datt d’EU och kann eng richtig Plus-value fir hir Bierger sinn. Well hei geet et jo drëms, fir eng vun den Haaptgrondfräiheeten a Grondrechter vun der Europäescher Unioun ze stäerken, nämlech déi, sech kënnen fräi an der Europäescher Unioun ze bewegen, also och d’Recht, fir kënnen an engem anere Land schaffen ze goen.

Fir datt dat méiglech ass, muss natierlech och kënnen e reglementaresche Kader existéieren, deen dat erlaabt. Dat ass elo geschitt iwwer verschidden Direktiven, notamment déi vun 2005. Hei ass elo eng weider Direktiv, déi déi ännert an déi mat dësem Gesetzesprojet a lëtzebuergesch Recht soll ëmgesat ginn. Ech brauch also elo net méi nach eng Keier déi eenzel Punkten opzezielen, déi den Här Bauler gemaach huet.

Een dovunner ass awer, datt an Zukunft och kënnen Formatiounen iwwerall an ECTS, deenen europäesche Kreditter, gerechent ginn an ausgedréckt ginn. Dat ass e System, dee vun der Majoritéit vun den Universiteiten an Héichschoule benotzt gëtt, mä net vun en allequerten. Et gëtt nach Héichschulen, wou dat net de Fall ass, wou Formatiounen, wéi zum Beispill déi vum Psychothérapeut, a Stonnen ebe gerechent ginn.

Meng Kolleegin, d’Sylvie Andrich, hat der Gesondheetsministesch am Mäerz eng parlamentaresch Fro dozou gestallt, wéi et dann domadder ass, wann een esou eng Formation am Ausland mëcht, déi eben nach a Stonne gerechent gëtt, an een dann op Lëtzebuerg kënn, wou mer jo awer hei op der Uni ECTS-Kreditter hunn, wéi een dat da soll kënnen dee Moment ëmrechnen oder vergläichen. D’Ministesch huet deemools gemengt, datt esou en ECTS-Kredit misst kënnen 25 bis 30 Stonnen entsprechen, de maniere générale.

Do wollt ech just vun lech wëssen, Här Minister, ob Der déi Aschätzung vun Ärer Regierungskolleegin deelt. Op wat baséiere mer eis do genee, fir dat kënnen ëmzerechnen? A misst een net allgemeng esou en Ëmrechnungsschlüssel aféieren, souguer vläicht europawäit, fir datt een an Zukunft esou Formatiounen an déi Diplomer, wann déi och unerkannt sinn an eenzelne Länner, besser ka matenee vergläichen?

Mat dëse Froen un lech, Här Minister, ginn ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Wilmes. D'Madamm Bofferding wann ech gelift.

► **Mme Taina Bofferding (LSAP).**- Ech maa-chen dat vun hei aus. Als Éischt, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Här Bauler, Merci soe fir seng zwee Rapporten. Hien huet eis grad a sengem mëndleche Rapport op eng dach verständlech Manéier an Iwwerbléck ginn iwwert déi Adaptatiounen an der Berufs-
suerkennungsdirektiv. Et ass e ganz tech-
neschen Dossier, awer e ganz wichtegt Gesetz.

Mäi Virriedner huet et scho grad ugedeit: Dëst Gesetz verkierpert u sech d'Iddi vun der Euro-
päescher Unioun. Ee vun de Grondprinzipie
gëtt heimadder garantéiert: eben dass d'Leit
sech kënne fräi bewegen, dass mer eng oppen
Unioun hunn. An dofir stëmme mer dësem Ge-
setz als sozialisteschen Fraktioun och gären zou.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Bofferding. D'Madamm Loschet-
ter wann ech gelift.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, mir géifen och als gréng Frak-
tioun den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit
aus en häerzleche Merci un den Här Bauler.

Ech mengen, hei ass eng ganz interessant Dis-
kussioun, déi hei gefouert gouf. Den Här Bauler
huet de Projet ganz gutt presentéiert. Ver-
schidde Parteien hunn hir Meenung geholl.
Keng Partei ass op en anere Problem
agaangen, deen heimadder verbonnen ass: Dat
ass dee sproochleche Problem.

Mir alleguer, och d'ADR, dat wëll ech ausdréck-
lech betounen, si fir de fräie Verkéier vun de
Mënschen an der Europäescher Unioun. Och
mir si fir d'Unerkennung vun auslänneschen Di-
plomer an derfir, fir et de Leit ze erliichteren,
an anere Länner ze schaffen. Alles dat ass eng
Selbstverständlechkeet.

Wat awer gradesou eng Selbstverständlechkeet
muss sinn, dat ass, datt déi Leit, déi hei am
Land wëlle schaffen, a besonnesch am Ge-
sundheitssecteur, mussen kënne Lëtzebuergesch
schwätzen! An et ass keng Partei - all déi, déi
an deene leschte Wochen esou salbungsvoll alt
nees iwwer Lëtzebuergesch geschwat hunn, all
déi, déi gesot hunn: „Mir müssen iwwer eng
Charta iwwert d'Lëtzebuergesch schwätzen“ -,
net eng Partei, wann et drop ukënnt, ausser
der ADR steet hei op a seet: „Majo déi Leit, déi
hei am Land wëlle schaffen, a besonnesch am
Gesundheitssecteur, ma déi si gebieden, mat
de Patienten och op Lëtzebuergesch kënne
ze kommuniquéieren.“

Soulaang dat net de Fall ass...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ass dat de Sujet
vum Projet de loi?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Soulaang
dat net de Fall ass, Här Bodry... An ech
mengen, datt Dir elo intervenéiert hutt, weist,
wéi Dir zur Lëtzebuerger Sprooch stitt. Dir sidd
a Wierklechkeet e Géigner vun der Promotioun
vum Lëtzebuergesch!

(Protestations)

Well dat ass näamlech de Corollaire...

(Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Dat ass
näamlech de Corollaire, Här President, vun der
fräier Bewegung an der Europäescher Unioun.
Dat ass, datt domadder och de Respekt ver-
bonnen ass vun deene Patienten, mat deenen
een ze dinne huet.

(Brouhaha)

A mir soen Nee zu Gesetz, déi zwar e Prinzip
aféieren, dee mer begreissen, näamlech déi
Bewegungsfräiheet an d'Unerkennung vun den
Diplomer, awer mir erwaarden, datt eng
sproochlech Komponent dran ass. Et ass eng
sproochlech Komponent an dësem Gesetz, an
zwar eng, déi d'Lëtzebuergesch spezifesch
ausschléisst, well dra gesot gëtt, datt déi
sproochlech Kontrollen, déi virgesi sinn, sech
li-mitéieren op Sproochen, déi en offizielle Cha-
rakter an der Europäescher Unioun hunn.
Eppes, wat dës Regierung jo bis elo net reali-
séiert huet!

Dat gesot, mat Bedauern, Här President,
kënne mer dëst Gesetz also net ënnerstëtzen.

Mir stinn zu eiser Linn, mä mir stëmme kee Ge-
setz, wou déi Lëtzebuergesch Sprooch aktiv dis-
kriminéiert gëtt. Dat ass hei de Fall.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir
sinn um Enn vun der allgemenger Diskussioun
ukomm. An d'Wuert huet den Héichschoulmi-
nister, den Här Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'En-
seignement supérieur et à la Recherche.**- Här Pre-
sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif op
der éischter Plaz hei wëllen dem Rapporteur,
dem André Bauler, Merci soe fir säin exzellente
Rapport, deen dat mat där néideger Prezisioun,
wéi mer dat vun him gewinnt sinn, och haut
gemaach huet. Dat erspuert mir et, fir nach
eng Kéier op dee ganze Wee vun de Gesetz-
ter, vun dem Emsetze vun der Direktiv ze goen,
well, ech mengen, dat ass alles ganz kloer hei
op dëser Plaz ernimmt ginn, an et steet och
nach esou a sengem schréffleche Rapport.

Ech géif lech wëllen e puer Informatiounen
mat op de Wee ginn, elo net, fir och nach eng
Kéier de Kontext ze setzen, mä et sinn e puer
esou Erscheinungen, déi och an dem Gesetz
mat optauchen, déi awer d'Saach op admini-
strativem Plang och e gutt Stéck méi einfach
maachen, och fir déi Leit, déi hei am Land
mat deenen dote Sujete konfrontéiert sinn.

Et kann ee soen, dass duerch deen Text hei
niet den nationalen Diplomer och Diplomer
aus engem Land, mat deem mer en entspre-
chenden Accord hunn, d'office ageschriwwen
ginn. An op dës Aart a Weis setze mer dann
och eng Décisioun vun de Benelux-State vum
18. Mee 2015ëm. An dee Sujet gouf och viru
Kuerzem elo nach eng Kéier vun deenen dräi
Premieren hei zu Lëtzebuerg ënnerstrach.

Dee Benelux-Accord, dee gesäit vir, dass déi
dräi Benelux-State sech dozou engagéieren,
automatesch a géigesäiteg d'Bachelor- an
d'Masterdiplomer aus dësen dräi Länner unzë-
erkennen, à condition natierlech, dass et sech
ëm Diplomer handelt, déi an deem Land, wou
se ausgestallt goufen, och offiziell unerkannt
sinn.

Dësen Accord dréit da wesentlech zur Verei-
nigung vun der Prozedurbäi. Déi Leit, déi
dann zum Beispill e Bachelor- oder Master-
diplom aus der Belsch oder aus Holland hunn,
brauchen also keng Demarché méi ze ma-
chen, fir hiren Diplom an eise Regëster an-
droen ze loosse. Dat hu mer am Moment op
engem Accord mat de Benelux-Staten age-
fouert. Mir sinn awer och a Gespräicher, fir
dat mat anere Länner hinzekréien. A soubal
mer do nach esou Accorden hunn, ass dat
natierlech och méiglech fir Diplomer, déi aus
deene Länner kommen, déi och do unerkannt
sinn.

Et bréngt och mat sech, dat ass och esou e
kleng Punkt, deen ech awer wëll ernimmen,
dass e puer Taxe méi déif gesat ginn, wat jo
och eng gutt Saach ass fir déi concernéiert
Studenten. Esou kann ee soen, dass déi eng
oder aner Tax vun 125 Euro bis elo op 75 Euro
wäert erofgoen.

Vläicht awer och, dat ass awer einfach eng in-
teressant Informatioun, e puer Zuelen aus
deene verschiddenen Unerkennungsprozedu-
ren, fir dass een awer och weess, vu wat fir
enge Saachen een hei schwätzt: 2015 goufen
zum Beispill 3.170 Titelen an de Registre des
titres am Héichschoulberäich agegroun. 193
Demandé goufe refuséiert, well déi concer-
néiert Diplomer net vun den zoustännegen Au-
toritéiten aus deem Land, wou se eben aus-
gestallt goufen, als Diplom vun hirem Héich-
schoulsystem unerkannt sinn. An 2015 goufen
dann 363 Diplomer homologéiert. 20 De-
mandé goufen do refuséiert, well se net all déi
virgeschriwwen Kritären erfëllt hunn.

Den Deputéierte Wilmes huet dann och nach
eng Fro gestallt, déi och eng Kéier an enger
Question parlementaire vun der Kolleegin An-
drich thematiséiert ginn ass. An ech kann lech
do e puer Informatiounen mat op de Wee ginn,
wéi et ebe mat där Equivalenz ass.

Den Outil vun den ECTS-Punkten, dee gouf jo
am Kader vum Bologna-Prozess agefouert an
dréckt dann och am Kontext vun den Héich-
schoulsystemen den Aarbechtswolumen - oder
ochmat deem schéine Wuert „workload“ be-
nannt - vun deene verschiddene Coursen a
Formatiounen aus, wat d'Unerkennung vu Stu-
dien op europäeschem Niveau natierlech er-
liichtert an och d'Mobilitéit vun de Studenten
fërdere soll.

Do gouf festgestallt oder festgehalen, dass 60
ECTS-Punkten dem Aarbechtswolumen vun
engem Studiejoer entsprechen. Dat steet dann
och esou an deem „ECTS Users' Guide“, deen
dann op EU-Niveau publizéiert a regelméisseg
à jour gehale gouf an och gëtt. A vill Länner
sinn dee Moment och op de Wee gaangen, fir

Korrespondenzen zu deene 60 ECTS hierze-
stellen, andeems se soen, ee Studiejoer, also 60
ECTS, géifen tëscht 1.500 an 1.800 Stonnen
Aarbecht entsprechen. Dorausser ergëtt sech
dann dat, wat hei ernimmt ginn ass, dass een
ECTS ongeféier 25 bis 30 Stonnen Aarbecht
entsprecht.

Dir hutt d'Fro gestallt, wéi mir dat hei zu Lëtze-
buerg géife gesinn. An dat ass och festgehalen
hei bei eis, an zwar an engem Règlement grand-
ducal vum 22. Mee 2006 iwwert d'Bachelor- an
d'Masterstudiegäng op der Uni Lëtzebuerg. An
do steet dann am Artikel 2: «Un crédit...», also
en ECTS, «...correspond à une prestation
d'études exigeant entre 25 et 30 heures de tra-
vail (...).» Ech mengen, domadder ass dat jo
och festgehalen. An et ass och an engem Text
deementsprechend opgeschriwwen ginn.

Ech géif domadder ofschléissen, lech alleguer
Merci ze soe fir Är Interventiounen. An ech sinn
och frou, dass mer dat heiten da mat grousser
Majoritéit wäerte stëmme.

Ech kéint nach vläicht eppes ervirhiewen, an
zwar eng Motioun vun der Deputéierter Mar-
tine Hansen. Den 18. Dezember 2014 hat Dir
eng Motioun hei an der Chamber geholl, fir
d'Unerkennungsprozedur vu Berufsqualifika-
tiounen an d'Prozedur vum Droit d'exercer ze
iwwerschaffen. Deemools haten de Gesond-
heitsministère an den Héichschoulministère
och schonn dorobber geäntwert.

An ech mengen, et kann ee soen, duerch de
Vott vun deem heite Projet komme mer der
Fuerderung vun der Motioun no transparenten
a vereinfachten UE-Unerkennungsprozeduren
entgéint. Ech mengen, dat ass jo dann och
eppes, wat een, wa mer schonn an der Cham-
ber d'Gesetz stëmme, vläicht kann op där hei-
ter Plaz ernimmen.

Domadder soen ech lech Merci fir Äert No-
lauschteren. An ech sinn och frou, dass dat Ge-
setz da mat héijer Majoritéit gestëmmt gëtt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci
dem Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëm-
mung iwwert de Projet 6893 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6893 et
dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-
sëinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An
de Vott ass ofgeschloss.

55-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet
ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de
loi 6893 est adopté par 57 voix pour et 3 voix
contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-
Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Ei-
schen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes
Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par
Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies,
Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M.
Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM.
Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth,
Marco Schank, Marc Spautz (par M. Félix Eischen),
Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par
M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes
Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten,
Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Barto-
lomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude
Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone
Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur
(par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle El-
vinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander
Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty
(par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme
Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), Gérard
Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox,
Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Ro-
berto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc
Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand
Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand
Kartheiser).

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum
zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

**9. Interpellation de M. Gusty Graas
au sujet de la gestion de l'eau (suite)**

Motion 1

Ech wollt lech dann nach informéieren, dass
mer de Vott iwwert d'Motioun Waasser mussen
widerhuelen, well iertümlech d'Tast „secret“
aktivéiert ginn ass. Déi leien direkt niewent-
eneen. Ech bieden ëm Versteesdemech.

(Brouhaha)

Mir géifen also dee Vott iwwert d'Waassermo-
tioun vum Här Aly Kaes widerhuelen.

► **Une voix.**- Dann hutt Der nach eng zweet
Chance.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et ass
d'Affär mat deene méi décke Fangeren.

(Hilarité)

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi persëinlech
Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An de Vott
ass ofgeschloss.

26-mol Jo, 31-mol Nee, 3 Abstentiounen. De
Vott ass genee d'selwecht wéi virdrun.

► **Une voix.**- Neen, et war 32.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- 32!?

(Concertation interne)

Jo. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: la motion 1
est refusée par 25 voix pour, 32 voix contre et 3
abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-
Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Ei-
schen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes
Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par
M. Marcel Oberweis), MM. Aly Kaes, Marc
Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy
Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Mo-
dert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles
Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme
Diane Adehm), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Mi-
chel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Lau-
rent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc
Baum).

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex
Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M.
Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM.
Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot,
Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Ro-
ger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone
Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur
(par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle
Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander
Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty (par
M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie
Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter),
Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Vi-
viane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand
Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand
Kartheiser).

Mir géifen zum nächste Punkt vum Ordre du
jour iwwergoen: de Projet de loi 6897 an de
Projet 6898, Protokoller zu engem Benelux-Ac-
cord. An de Rapporteur, den honorabelen Här
Haagen, huet direkt d'Wuert.

**10. 6897 - Projet de loi portant ap-
probation du Protocole portant
modification de la Convention Bene-
lux en matière de propriété intellec-
tuelle (marques et dessins ou mo-
dèles), fait à Bruxelles le 21 mai
2014**

**6898 - Projet de loi portant appro-
bation du Protocole portant modifi-
cation de la Convention Benelux en
matière de propriété intellectuelle
(marques et dessins ou modèles), en
ce qui concerne l'opposition et l'ins-
tauration d'une procédure adminis-
trative de nullité ou de déchéance
des marques, signé à Bruxelles, le 16
décembre 2014**

Rapports de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**-
Merci, Här President. Déi zwee Projets de loi
6897 an 6898, wéi Der grad gesot hutt, déi
bezéie sech allenzwee op eng Modifikatioun
vun der Benelux-Konventioun iwwert d'Pro-
priété intellectuelle a si sinn allebéid de 4. No-
vember vum leschte Joer an der Chamber dé-
poséiert ginn.

Zu deenen zwee Gesetzesprojeten huet de
Conseil d'État säin Avis de 25. November vum
leschte Joer agereecht an d'Chambre de Com-
merce hiren de 25. Januar vun dësem Joer.

Ech wäert also fir d'Éischt ganz kuerz op de
Projet de loi 6897 agoen, fir da mam Projet de
loi 6898 ze schléissen.

Komme mer op de Projet 6897, d'Benelux-
Konventioun iwwert d'Propriété intellectuelle.
Si geet zréck op den Traité vum 31. März '65,
deen de 15. Oktober 2012 modifizéiert gouf an
nei Kompetenzen fir de Benelux-Gerichtshaff